N° 6646
Entrée le 10.08.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 11.08.2022

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verdeedegungsminister an un den Hàr Bausseminister weiderzeleeden.

„Gardien" vun der Lëtzebuerger Arméi ass eng vun de Karriär-Méiglechkeete vun de fräiwëllegen Zaldoten no hirem Déngscht. Si sollen, ënner anerem, och fir d'Protektioun vu staatleche Gebaier agesat ginn.

An deem Kontext wéilt ech der Regierung dës Fro stellen:

1. Denkt d'Regierung drun, z.B. iwwer de Wee vun engem Accord mat deene concernéierten Institutiounen, och de Gardiennage vun de Gebaier vun internationalen Institutiounen, déi hei zu Lëtzebuerg present sinn, prioritär vu Leit maachen ze loossen, déi an der Lëtzebuerger Arméi gedéngt hunn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten